ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3761

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Här Minister, an der Revue Nr. 08 2021 huet den Här Kommissär vun de Lëtzebuerger Sprooch op der Säit 12 en Interview zu senger Aarbecht an där genannter Funktioun ginn.

An dësem Interview sot den Här Kommissär ënner anerem follgendes: "Ich interessiere mich schon lange für die luxemburgische Sprache [...] Es ist ein großer Fehler, das Thema nur den rechten Parteien zu überlassen. Das treibt die Menschen auf diese Seite".

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Schoulminister:

1) Huet den Här Kommissär hei eng politesch Meenungsäusserung virgeholl, déi mat sengem Eed als Fonctionnaire onvereenbar ass: "Je promets de remplir mes fonctions avec intégrité, exactitude et impartialité".
2) Waren dem Här Kommissär d'Froe vun der Revue am Viraus bekannt?
3) Falls jo, goufen d'Äntwerten mat enger anerer Persoun aus dem Ministère ofgeschwat?
4) Huet den Här Kommissär sech hei implizitt oder explizitt en Accord mam Minister geäussert an hat de Minister am Viraus Kenntnis vum Här Kommissär sengem Interview? Entsprécht des Ausso och der Meenung vum Minister?
5) Op wéi eng demokratesch Parteien in- an ausserhalb vun der Chamber huet den Här Kommissär sech konkret bezunn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3761 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

De Commissaire huet sech am Kader vu senger Missioun geäussert, déi ënnert anerem doranner besteet, d'Lëtzebuerger Sprooch ze promovéieren. Hien huet dorobber opmierksam gemaach, datt Lëtzebuergesch fir breet Kreeser vun der Populatioun e wichtegen Theema ass, an datt et richteg ass, datt sech och um politesche Plang domat auserneegesat gëtt. Hien huet op rezent ondemokratesch Entwécklungen am Ausland verwisen, wou Diskussiounen iwwer Sprooch an Identitéit zu Xenophobie an Intoleranz féieren.

Ech kann net gesinn, wéisou dem Commissaire soll ënnerstallt ginn, seng Aussoe wiere „mat sengem Eed als Fonctionnaire onvereenbar".

Ad 2)

D'Theeme vum Interview waren dem Commissaire am Viraus bekannt. Dorausser huet sech e Gespréich erginn, aus deem deen Deel vum Artikel enstanen ass.

Ad 3)

Neen, de Commissaire ka Stellung huelen, wann hien dat wëllt, zu den Theemen, déi sech bei den Demarchen am Kader vu senger Missioun erginn.

Ad 4)

Ech deelen d'Meenung vum Commissaire, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an d'Sproochen zu Lëtzebuerg e wichtegen Theema hei am Land sinn, an der Schoul natierlech, mee awer och an alle Beräicher vu eiser Gesellschaft.

An deem Sënn hunn ech mech dofir agesat, datt d'Zoustännegkeet fir deen Theema zu engem groussen Deel an der Attributioun vun der Educatioun nationale läit.

Ad 5)

De Commissaire huet keng konkreet Parteie genannt.